pétange
MOTIVATION COMMUNE

Madamm Teresa MONTEIRO
Gemengeconseiller

30. route de Longwy

L-4750 PETANGE

Referenz :2024.59991.SECR

Péiteng, den 7. Mäerz 2024

**Betreff: Är Fro vum 6. Februar 2024**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Guy Wagner -Tel. : 50 12 51 – 2013)

Madamm Teresa Monteiro,

An ärer Fro vum 6. Februar 2024, déi der Gemengeverwaltung per Email den 7. Februar 2024 zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Fro :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*De Liichtmëssdag, deen all Joer den 2te Februar stattfënnt, ass dëst Joer op e Freide gefall, wat sécherlech dozou bäigedroen huet, dass d'Participatioun vun eisen jonken Matbierger méi grouss war ewéi an anere Joren. Sälleg Korteeger um Liichtmëssdag ginn traditionell an den Owesstonnen duerchgezunn.*
*Elo ass et awer esou, dass wärend de Wanterméint wärend den Owesstonnen d'Fuerkonditiounen fir den Autosfuerer net optimal sinn an doriwwer eraus d'Gemeng Péiteng eng Plaz mat engem staarken Duerchgangsverkéier wärend den Owesstonnen ass. Fir d'Kanner, déi deels ënner Begleedung, deels fräi vun Haus zu Haus zéien, ass dëst natierlech ee Risiko.*
*Nach d'Iescht Woch gouf an eiser Gemeng zum Beispill ee Foussgänger am Stroossenverkéier ugestouss. Déi Woch virdrun och.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech lech folgend Fro stellen:*
*1. Firwat huet d'Gemeng Péiteng keng Schëlder opgestallt, fir d'Autosfuerer drop hin ze weisen, dass wann se duerch eis Gemeng fueren, Kanner ënnerwee sinn?*

*Mat Respekt,*
*Teresa Monteiro*
*Gemengeconseiller*

pétange
MOTIVATION COMMUNE

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Fro:

Madamm Monteiro,

1. Stand haut besëtzt d'Gemeng Péiteng keng Verkéiersschëlter fir dëst Evenement. Et ass wuel eng interessant Iddi an dowéinst ass déi och scho vum Schäfferot an Optrag geholl ginn. An dem Kontext gëtt eng Analyse vu sämtlechen offiziellen Ereegnesser gemaach, fir dat déi nächst Joren all Cortège mat Beschëlderung gutt ofgeséchert ass.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,